

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2021

Resolutioun iwwer de Schoulstress Educatiounskommissioun

Laut dem Kanner-Jugendtelefon, war de Schoulstress wärend den Telefongespräicher am Joer 2019 dat siwent meescht genannt Thema. Dat Joer drop war en net vill manner present. Stress huet ettlech physiologesch a psychologesch Konsequenzen, déi ganz séier mol schoulesch Leeschtunge kënnen behënneren. Virun allem an der Covid-19-Pandemie ass et kloer ginn, wéi vill Impakt de Schoulstress op Schüler kann hunn.

Et ass ze oft de Fall, dass Schüler leider d’Gefill hunn, dass hire Stress eng Normalitéit ass, well si et bei villen anere Schüler och gesinn.

D’Jugendparlament hätt gärén, dass Schüler de Schoulstress manner musse bekämpfen, soudass schoulesch Reussitten a Liewenszefriddenheet méi liicht ze erreeche sinn.

D’Jugendparlament,

- A. Bedauert, dass d’Ofhale vu Blitzprüfungen ze willkürlech an net kloer genuch reglementéiert ass.
- B. Ass besuert, dass d’Accumulatioun vun Hausaufgaben an „Assignments“¹ zu Stress ka leeden.
 - a. Erkennt, dass d’Quantitéit vun den Hausaufgaben, virun allem an der Prüfungszeit ze héich ass. Dat ka Stress bei de Schüler ausléisen, well se keng Fräizäit hunn, fir un hirem mentale Wuelbefannen ze schaffen.
 - b. Constatéiert, dass Assignments ze kuerzfristeg kënnen ugekënnegt ginn. Et ass oft net genuch Zäit tèschent der Ukënnegung an der Deadline fir d’Aufgab anzerechen, fir datt d’Schüler se kënnen anstänneg maachen.
- C. Mécht op d’Anxiétéit, déi duerch Presentatiounen an Oralle verursaacht gëtt, opmierksam. Mir hu festgestallt, dass d’Datumer, déi munche Schüler imposéiert ginn, oft kënnen ongerecht ginn.

¹ Digital Funktioun op Microsoft Teams, fir Hausaufgaben oder Projeten ofzeginn an anzerechen

- D. Stellt fest, dass d'Prüfungen, déi nogeschriwwe ginn, oft den nämmechten Dag wéi aner Prüfungen stattfannen. Dat bréngt de Probleem mat sech, dass oft vill ze vill Matière fir een Dag ze léieren ass.
- E. Ass der Meenung, dass Schüler oft ze vill Stress empfangen, wa si wichteg Prüfungen mat vill Matière an enger Woch schreiwe müssen.

D'Jugendparlament,

1. Fuerdert, dass d'Reglementatioun zu de Blitzprüfungen ugepasst gëtt, soudass:
 - a. Blitzprüfungen nëmmen iwwer déi Matière handeln däerf déi innerhalb vun deene leschten zwou Woche behandelt ginn ass.
 - b. D'Blitzprüfungen net méi als eng ganz Prüfung zesumme gesat duerfe ginn.
 - c. D'Blitzprüfungen net de selwechten Dag wéi eng Prüfung duerfe stattfannen.
2. Proposéiert, dass:
 - a. E feste Joker-System ageféiert gëtt, deen dem Schüler ab Quatrième d'Recht gëtt, eng gewëssen Unzuel vun Hausaufgaben net ze maachen oder op der Säit ze loossen, ouni bestrooft oder penaliséiert ze ginn. Et huet een dräi Jokere pro Schouljoer zegutt.
 - b. D'Professeren d'Assignments am Cours annoncieren an hir Schüler de Cours vir drun nach eng Kéier drun erënnere sollen.
3. Verlaangt, dass:
 - a. Den Dag vun de Presentatiounen an den Orallen idividuell fir all Schüler festgeluecht muss ginn an de. Proff mat de Schüler d'Datumer soll festleeën a falls keng Léisung fonnt gëtt, geloust soll ginn.
 - b. D'Schüler net forcéiert duerfe ginn, un d'Tafel ze kommen, fir e Contrôle, eng Äntwert virun der Klass ze liesen oder eng Aufgab ze léisen.
 - c. Schüler mat héijer Anxiétéit en Certificat vum Dokter kréie kënnen, an anstatt méindlech Aufgaben, als Alternativ schrëftlech Aarbechte kënnen ofginn.
4. Freet, dass d'Schüler solle wiesle kënnen, wéini si d'Prüfung noschreiwe wëllen. Fir et méi iwwersichtlech ze maachen, wier de Choix allerdéngs op dräi Deeg, déi d'Schoul auswielt, limitéiert.
5. Schléit vir, dass:
 1. D'Proffen zesumme mat de Schüler solle kucken, op wat fir een Dag d'Prüfungen geluecht solle ginn.

Obwuel d'Schüler op divers Services bannent a baussent der Schoul kënnen zeréckgräifen, wéi de SePas oder de Kanner-Jugendtelefon, wou si Hëllef ugebuede kréien, fir hire Stress

ënner Kontroll ze halen, kann een allerdéngs net ignoréieren, dass d'Stressfacteuren an der Schoul nach ëmmer existéieren. Aus dësem Grond erhoffe mir eis, dass niewent der psychologescher Begleedung, de Schüler hire Stress um schoulesche Plang reduzéiert gëtt, andeems schoulesch an organisatoresch Ännerungen duerchgeféiert ginn. Organisatoresch Ännerunge goufen iwwregens och an der Resolutioun „Individualitéit an der Schoul“² virgeschloen. Fir dass de Schüler säi Potential als Individuum erreeche kann, däerf en op kee Fall wéinst Stress ënner Drock an d'Knéie gezwonge ginn. Déi Ännerungen, déi hei virgeschloe ginn, sollen dozou bäidroen, dass Stressfacteuren a Probleemer, iwwer déi de Schüler soss keng Kontroll hat, net méi entstinn. Mat dëser Resolutioun wëlle mir de Schüler en neit Ëmfeld ubidden, wou si sech rëm méi op hiert Wuelbefannen, hir Passiounen an hir schoulesch Karriär konzentréiere kënnen, ouni ze fäerten, dass hir mental Gesondheet ënner deem ganzen Drock a Stress leide wäert.

² <https://www.jugendparlament.lu/resolution-individualiteit-an-der-schoul/>